


Fiche Nr. 2 Wat äntweren?



WAT äntweren?

Sexualitéit ass ëmmer Deel vun eisem Liewen. Esou wéi mir léieren ze goen, ze schwammen, ze liesen, ze schreiwen, Vëlo ze fueren ... léiere mir och, eis Sexualitéit ze liewen. Et ka virkommen, dass mir eis onwuel fillen, wann eis Kanner eis Froen iwwer Sexualitéit stellen. Si maachen eis duercherneen an, munchmol, veronséchere si eis. Dat ass ganz normal.

Vertraut lech selwer

Wann Dir lech wuel fillt, da kënt Dir se och richtig beäntweren. Wann Dir wësst, wat hannert enger Fro stécht, da wäert Dir lech och méi sécher fillen.

Wat ee méi laang waart, wat et méi schwierig gëtt, driwwer ze schwätzen ...

Am beschte waart Dir net, bis Är Kanner Teenager sinn, fir mat hinnen iwwer Sex ze schwätzen.

An eiser moderner Gesellschaft gi jonk Leit mat alle méiglechen Informatiounen aus net ëmmer zouverlässege Quelle konfrontéiert. Dofir geet et net duer, si eleng ze loossen, fir dass si sech „selwer“ iwwer dëst Thema informéieren. Si musse begleet ginn a brauchen Hëllef.

Awer wourëms geet et konkret?

Emotional a sexuell Educatioun ass méi wéi just e Resumé iwwer d'Fakten, wat d'Reproduktioun an d'Preventioun vu Krankheeten ugeet. Si hëllef dem Kand, seng Sënner z'entwëckelen, sech e Bild vu sengem Kierper ze maachen, säi Selbstvertrauen a seng Selbstbestëmmung ze stäerken a sech vis-à-vis vu sech selwer an aneren responsabel ze verhalten.

Déi 3 grous Grandprinzipien

- 1 Versetzt lech a si eran.** Wat interesséiert si wierklech? Wat stéiert si oder viru wat genéiere si sech? Wéi vill wësse si iwwer Sexualitéit? Gitt Uecht op d'Aart a Weis, wéi si schwätzen, a benotzt de richtege Vocabulaire, fir op hir Froen ze äntweren.
- 2 Sot d'Wourecht.** Wann e Kand engem Erwuesenen eng delikat Fro stellt, dann ass et heiansdo schwierig, him präzis ze äntweren, well et vläicht nach ze kleng ass: Ass et räif genuch, fir d'Äntwert ze verstoen? Dir kënt mat ganz einfache Fakten ufänken an d'Informatiounen am Laf vun der Zäit, wann d'Kand méi al gëtt, ergänzen. Am beschten ass et, éierlech ze sinn.
- 3 Baut eng Bezéiung mat géigesäitegem Vertrauen op.** Wann et lech schwéier fält, op bestëmmte Froen ze äntweren, da frot Äre Partner (oder eng Persoun, där Dir vertraut) em Hëllef. Dir kënt och altersgerecht Bicher kafen oder ausléien. Wann d'Kand nach Froen huet, da kënt Dir dës no an no beäntweren.

Mir mussen drun denken, eisen „heteronormative“ Brëll auszedoen. Eng heteronormativ Gesellschaft erkennt d'Heterosexualitéit, d'Geschlechter an d'Geschlechterrollen, déi traditionell domat verbonne sinn, als eenzegt sozial akzeptabelt Verhalen un. Kleng Kanner stelle sech Froen ouni Filteren an ouni Stereotypen. Mir dierfen hinnen och keng operleeën...

Éischt Rotschléi

- **Loosst d'Dier fir Gespréicher ëmmer op** – och a stressegen oder ugespaante Situatiounen.
- Loosst d'Kand selwer Froe stellen. Fir him net direkt musen z'äntweren, kënn Dir deem virgräifen:
 - Begréisst d'Fro: Fir se richtig ze héieren an ze verstoen, muss een nolauschteren.
 - Valoriséiert d'Fro: „Et ass couragéiert, dës Fro ze stellen. Dat hues du gutt gemaach.“
 - Gitt Uecht op den emotionalen Zoustand vun Ärem Kand: „Ech fillen, dass du ...“; „Wëlls du, dass mir doriwwer schwätzen?“
 - Net iwwer-, awer och net ënnerreagéieren: Hannert enger Froe kënnen „Alarm“-Signaler stiechen.
 - Wann néideg, verschiebt Är Äntwert: „Deng Fro ass fir mech ganz wichtig. Ech géif léiwer e bëssen driwwer nodenken, ier ech dir eng Äntwert ginn“, „Ech weess d'Äntwert op deng Fro net, mä ech wäert mech schlau maachen, fir dass mir driwwer schwätze kënnen“.
- Vertraut hinnen, loosst si Verantwortung iwwerhuelen (jee no Alter).
- Et muss een net alles soen, Frustratiounen sinn Deel vun der Educatioun. (Mä et muss ee sech soen, dass een net all den Erwaardungen vun engem Kand ka gerecht ginn. Wann een alles gëtt, da gëtt een ze vill.) **Äntwert jee no Alter etapeweis op d'Froen (a bleift dobäi oppe fir Diversitéit a Virwëtz). Si wëllen net alles beienee gewuer ginn.**
- Respektéiert bei méi ale Kanner hir Individualitéit. Vläch gefalen lech d'blo Hoer vun Ärem Teenager iwwerhaapt net, mä Äert Kand brauch dat, fir sech lieweg a seng Existenz ze fillen.
- Schwätzt mateneen, ënnerhaalt iech. Gespréicher téschent dem Erwuessenen an dem Kand sinn immens wichtig. Et muss ee si alueden sech auszedrécken, fir hir Wënsch, Projete etc. ze verstoen ...
- Iwwerhuel Verantwortung fir Är eege Gefiller. Gitt virun allem Uecht op dem Kand säi Verhalen a seng Emotiounen. Dir kënn versichen, de Grond fir Är Reaktioun ze verstoen, déi zimmlech sécher mat Ärem Temperament, Ärer eegener Geschicht an Ärem aktuelle Bezéiungskontext zesammenhängt. Et ass net ëmmer einfach, de „Firwat“ eleng erauszefannen: D'Hëllef an d'Suggestiounen vun Ärem Partner*, engem Kolleg / Kollegin, engem Frënd / enger Frëndin oder engem Professionelle* kënnen ganz wäertvoll sinn.

Proposéiert zwou Äntwerten, mä probéiert net, dem Kand ze vill ze soen oder seng Kreativitéit „auszuschalten“.



Ier Dir direkt op d'Froen vun Ärem Kand äntwert, reegt et dozou un, driwwer nodenken. Vläch fënnt et d'Äntwert selwer eraus! Munchmol stécht hannert enger Fro nach eng aner. Wann et ëm Sexualitéit geet, gi Kanner oft Ëmweeër, fir ze weisen, dass eppes si bedréckt. Et ass wichtig, net iwwer d'Sexualtheorien, déi si opstellen, ze laachen.

Gitt Uecht op d'Verhale vun Ärem Kand, wann lech Folgendes opfällt

- Äert Kand stellt scho ganz fréi Froen oder mécht éischt Erfahrungen.
- Et blesséiert sech selwer oder aggresséiert anerer.
- Et ass oft ugespaant oder huet stänneg Angscht.
- Trotz Äre Gespréicher ass et net capabel, Intimitéit ze sichen.
- Et sicht sexuell Kontakter bei méi ale Jugendlechen, Erwuessenen oder méi „schwaache“ Persounen (Alter, Behënerung, Immaturitéit etc.).

Wéi reagéieren?

Erklären a verbidde geet vläch duer, mä mir roden lech, professionell* Hëllef ze sichen.

Weider Tipps

- Aktualiséiert Äert Wëssen.
- www.cesas.lu/perch/resources/guide-ltasdeweb.pdf
- Fänkt schonn an der fréister Kandheet mat de Gespréicher un.
- Erkläert, wat eng richtig Awëllegung ass a wéi wichtig et ass, mat eppes averstanen ze sinn.
- Insistéiert, dass Gläichberechtigung téschent de Geschlechter/Gender (genre) wichtig ass.
- Dëst ass keng Invitatioun vun Ärer Säit un de Jugendlechen*, Sex ze hunn, mä e konsequent Verhalen als Elteren.

Wat Dir net maache sollt

- en technesche Biologie - Unterrecht ginn, dëst Thema gëtt am Biologie Kuer an der Schoul iwwerholl
- vulgär Wieder benotzen, fir „op jonk“ ze maachen
- Äert Kand jugéieren



planning familial

Eng Bibliothék mat Material, en nätzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichtig Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmittelen an den „Annexe“-Fichen op dem Site www.watantweren.lu

